

Ried vum Finanzminister iwwert de Budget an de PSC

24.4.2019

Seul le discours prononcé fait foi

Här President,
Léif Regierungskollegen,
Dir Dammen an Hären

Fir unzufänken wëll ech dem Rapporteur, dem André Bauler, Merci soen fir säi ganz ausféierlechen a gudden Rapport. Ech si frou iwwer déi präzis Analysen an **déi konkret Recommandatiounen**, déi hie gemaach huet, a wäert och am Laf vu menger Ried op Verschiddener dovunner méi genee agoen.

Ganz allgemeng wëll ech vun dëser Ried profitéieren, net fir nach emol alles ze widderhuelen, wat ech schonn am Mäerz gesot hunn, mä fir op déi wichtegst Punkten anzegoen, déi ech an deene verschiddenen Avisen erëmfonnt hunn.

Ech wäert och déi wichtegst Conclusiounen aus dem **Stabilitéitsprogramm** (dem "PSC" – pacte de stabilité et de croissance) an dëser Presentatioun mat abauen.

I. Rappel vum ekonomeschen Emfeld

Lëtzebuerg hat déi lescht 5 Joer ee Wirtschaftswuesstum vun an der Moyenne ronn 3% d'Joer. D'Zuele vum Budget baséieren op der Hypothese, dass de Wuesstum sech **och déi nächst Joren an deene Parage** beweege wäert. De Statec rechent fir 2019 mat 3% Croissance; 2020 mat enger Progressioun op 3,8%, 2021 mat 3,5% an 2022 erëm mat 3%. Wéi all Joer huet de Finanzministère **d'Zuelen iwwerholl, déi de Statec - sou wéi déi europäesch Texter et virgesinn - an aller Onofhängegkeet opgestallt huet.**

An enger ganzer Rei Avisen (zB vun der Cour des Comptes, der Banque Centrale an der Chambre de Commerce) gëtt d'Fro opgeworf, op des Zuelen **net vläicht zevill optimistes**ch sinn.

Dozou wéilt ech eng Rei Saache soen :

Virun 10 Deeg war ech **zu Washington op dem Fréijorstreffen vum Internationale Währungsfong** (Fonds monétaire international) **an der Weltbank**. Ee vun de Sujeten war d'Entwécklung vun der Weltwirtschaft an d'Risiken fir de Wuesstum. An ech muss iech soen, dass d'Analysen, déi ech do héieren hunn, **zimlech deckungsgläich** waren mat där, déi ech iech schon am Mäerz hei presentéiert hat.

Zu de Risiken ziele virun allem :

- den Impakt vum Brexit;
- den Handelskonflikt tëscht den USA a China, an tëscht den USA an der EU;
- de Protektionismus, deen uechter d'Welt ëmmer méi Unhänger fënnt;
- déi weider Evolutioun vun de Bourssen, déi an der lescht staark variéiert hunn a volatil waren;
- d'Entwécklung vun den Zënse.

D'Fro ass : hu mer Spillraum, wann des Risiken antriede géifen ?

Eis Spezialisten hunn am Kader vum PSC **den Szenario duerchgerechent, an deem et zu engem Brexit ouni Accord an zousätzlech engem weltwäiten Handelskrich komme géif**, an d'Bourse géifen erofgoen. De Modell weist, dass sou een Szenario Lëtzebuerg géif 1,7 Prozentpunkte Wuesstum kaschten, de Wuesstum also nach just bei 1,3% leie géif. Sou een Abroch hätt wuel Konsequenzen um Niveau vum Defizit vun der Administration Centrale a vun der Schold, déi 2023 domatter bei 20,9% vum PIB leie géif, amplaz bei 17,3%, wéi dat am PSC virgesinn ass. Dir gesitt awer, dass den Impakt vu sou engem Szenario nëmme limitéiert wär.

Et gouf och ausgerechent, wéi een Effekt et hätt, **wann d'Zänsen géifen kuerzfristeg eropgoen**, woumanner zu dësem Zäitpunkt kaum ee rechent. Och dat hätt nëmmen **ee ganz limitéierten Effekt**: 2023 hätt Lëtzebuerg 0,4 Prozentpunkte manner Croissance; an 17,9% Schold (amplaz 17,3%); de Chômage géif weider ënner 5% bleiwen.

Lo kann een awer net just negativ a pessimisteschen an d'Welt kucken, sou wéi d'Opposition dat gären hätt, mä et kann een och een Szenario ausrechnen, an deem alles riicht ausgeet : China an d'USA fannen een Accord, d'Vereenegt Kinnekräich an d'EU ginn sech eens iwwert d'Modalitéiten vum Brexit, an d'Zänsen bleiwe weider niddereg. A sou engem Szenario géing de Wuesstum dëst Joer 0,4 Prozentpunkten méi héich leien, wéi aktuell ugeholl. Den Iwwerschoss am Zentralstaat géif an deem Fall 2023 bei +753 Milliounen leien, an d'Schold géif bis ënner 15% vum PIB falen.

Dir gesitt also, dass d'Zuelen, sou wéi se am Budget zréckbehale goufen, **weder ganz pessimisteschen, nach zevill optimisteschen** sinn, mä **ee realistesch, virsiichtegen, Mëttelwee** duerstellen.

Virun allem awer mengen ech, **dass et net ganz sënnvoll ass, sech zevill op d'Wuestumsprognosen anzeschéissen.**

Zum engen, well déi, an engem klengen Land wéi Lëtzebuerg, mat senger oppener Ekonomie, ëmmer méi grouse Schwankungen ënnerleien, wéi an engem grouse Land. De CNFP weist a sengem Avis och op methodologesch Problemer hin, wat d'Ausrechnen vum PIB ugeet. De Statec schafft drun, fir seng Analyse an Zukunft nach méi präzis ze maachen.

Zum aneren, an dat ass dat wichtegst Argument hei, well mer zu Lëtzebuerg an enger Situatioun sinn, wou et keng 100-prozenteg Korrelatioun gëtt tëscht der Entwécklung vum Wuesstum, an där vun de Recetten vum Staat.

E gutt Beispill dofir ass d'Joer 2017. De Statec huet d'Zuelen vum Wuesstum fir 2017 retroaktiv em 0,8 Punkten op 1,5% no ënne korrigéiert. Um Niveau vun de Recetten huet dat awer keen Impakt gehat. Déi sinn 2017 5% eropgaang. Och 2018 gesi mer, dass d'Recetten sech weider besser entwéckelt hunn, wéi d'Wuesstumszuelen (+10,7% géingt +3%). A wat 2019 ugeet, sou weisen déi provisoersch Zuelen vum 1ten Trimester souguer eng méi staark Progressioun vun de Recetten, wéi am Budget ugeholl.

Och op dësem Punkt gesäit een also, dass d'Regierung **eng virsiichteg Approche** gewielt huet, an net vun zevill héijen Recetten ausgaangen ass.

Dat ass och der Europäescher Kommissioun hir Meenung. An hirer Analyse vun eisem Budget schreift si, dass d'Zuele vun der Regierung fir 2019 virsiichteg sinn („rather conservative assumptions about the elasticity of revenues“).

Anescht wéi d'Kommissioun, schéngen d'Zentralbank an eng Rei vun de Chambres professionnelles awer d'Tendenz ze hunn, **d'Glas éischer hallef eidel wéi hallef voll ze gesinn, besonnesch am Hibleck op déi weider Entwécklung vun de Steuerrecetten.**

D'Changementer op europäeschem an internationalen Niveau, wat Steierfroen ugeet, bréngen natierlech gewësse Risike mat sech. **Mä si stellen awer och Chancen duer.** Et soll een och net sou maachen, wéi wa Lëtzebuerg déi Entwécklungen just passiv erdroe misst. Lëtzebuerg ass au contraire een aktive Verhandlungspartner, dee seng Interessen ze verteidege weess, a gläichzäiteg konstruktiv u Léisunge matschafft.

D'Zäiten, an deenen et d'Politik vun eisem Land war, just sou laang wéi méiglech ze blockéieren, sinn definitiv eriwwer. Dofir bréngen mir et och fäerdeg, déi Changementer, déi kommen, proaktiv ze begleeden. Mir gesinn dat zum Beispill am Kader vun der Ëmsetzung vu BEPS. Et stëmmt : eng Rei Entreprises hunn zu Lëtzebuerg hir Dieren - oder villméi : hir Bréifkëschten - zougemaach. Dofir hunn awer eng ganz Rei aner Entreprises hir Präsenz a Substanz hei ausgebaut, a bezuele lo méi Steieren wéi virdrun hei am Land. **Am Beschten huet een dat gesinn am Kontext vum Brexit,** wou Lëtzebuerg sech als attraktiven a kredibelen Standuert erweisen huet.

Déi selwecht Entwécklung stelle mer no der Steierreform fest, déi 2017 a Kraaft getrueden ass. Am Virfeld gouf et vill Polemik driwwer, wéivill Déchet fiscal déi fir de Staat mat sech bréngen géif. Ech krut reprochéiert, déi Zuelen ze niddereg ugesat ze hunn. **D'Realitéit weist awer, dass d'Regierung richtig louch,** well duerch déi Reform eben och d'Consommation ugekuerbelt gouf, an d'Entreprise méi kompetitiv gi sinn, wat fir nei Recette gesuergt huet. Deemno louch den **netto Effekt vun der Steierreform** no bei de Prognosen vun der Regierung.

Dir wäert gesinn, dass dat och de Fall wäert sinn am Bezuch op d'Baisse vum IRC vun 18 op 17%, an déi aner Reformen, un deene geschafft gött. Entsprechend weisen d'Zuelen vum PSC, dass d'Recetten am Verglach zum PIB och an den nächste Jore wäerte stabil bleiwen, ronderëm 45-46% vum PIB.

Wann ech vun de Recette schwätzen, da wëll ech och dem Rapportier Merci soen, fir **déi Pisten, déi hien a sengem Rapport opweist, fir d'Steierverwaltung méi efficace ze maachen**, an déi ekonomesch Analyse ze verbessern. Ech kann iech versécheren, dass mer do absolut op enger Linn leien, an ech dofir suerge wäert, dass des Recommandatiounen och wäerten iwwer déi nächst Joren ëmgesat ginn.

II. Déi grouss Linnen vum Budget

3 Prioritéiten :

*sozial Kohesioun a Gerechtegkeet,
Kompetitivitéit an
Nohaltegkeet.*

1. Sozial Kohesioun a Gerechtegkeet

a. Knapp d'Halschent vun den Dépensen sinn Sozialtransferten

Wéi ech dat schonn am Mäerz gewisen hunn, sinn knapp d'Halschent vun den Dépensen am Budget Sozialtransferten. An hirem Avis ass d'Chambre des Métiers der Meenung, dass deen Deel vum Budget (**de « budget social »**) **zevill grouss ass**. Ech deelen déi Meenung net. D'Regierung deelt déi Meenung net. Au contraire si mir der Meenung, dass de soziale Fridden, dee mir zu Lëtzebuerg hunn, mat zur Kompetitivitéit vum Land an domatter sengen Entreprises bäidréit.

An deem Sënn weist d'Zentralbank an hirem Avis, dass den héijen Niveau vun Sozialtransferten dozou bäigedroen huet, dass Lëtzebuerg an d'Lëtzebuerger am Verglach zu anere Länner gutt duerch d'Kris komm sinn.

b. Mesure Phare : d'Augmentatioun vum Mindestloun ëm 100 EUR netto pro Mount.

D'Chambre de Commerce bedauert (« regrette profondément ») d'Hausse vum Mindestloun, well d'Entreprises een Deel dovunner matdroen, an dat net gutt fir d'Kompetitivitéit wär. Dobäi wëll ech awer ënnersträichen, dass de gréissten Deel vum Käschtepunkt vun där Mesure net vun den Entreprises, mä vum Staat gedroe gëtt. Dat schéngt par conter d'Chambre des Salariés ze bedauern, déi léiwer gehat hätt, d'Entreprises hätten ee méi groussen Deel gedroen.

Ech mengen also, dass mer **hei ee gesonde Mëttelwee** fonnt hunn. Dëst besonnesch, well fir de Staat mat dëser Mesure net nëmme Käschte verbonne sinn. D'BCL huet ausgerechent, dass d'Hausse vum SSM **dem Staat indirekt 3,5 Milliounen nei Recette bréngt**, haaptsächlech iwwert de Wee vun de Cotisations sociales.

c. Erofsetzen vun der TVA op verschiddene Produkter

Ech freeë mech ze gesinn, dass d'Erofsetzen vun der TVA op Hygiènes-Produiten, wéi zum Beispill Tamponen a Binden, op eisen niddregsten Taux, den Taux super-réduit vun 3%, eng breet Zoustëmmung fënnt.

2. Kompetitivitéit

a. Fiskalitéit vun den Entreprises

Op den 1. Januar 2019 geet d'Besteuerung vun den Entreprises um Niveau vum IRC vun 18 op 17% erof. Gläichzäiteg geet de Montant, bis deen de reduzéierten Taux vun 15% gëllt, vun 25.000 op 175.000 EUR erop. Ech freeë mech, dass grad och d'Chambre des Salariés dës zweet Measure begréisst, déi virun allem deene klengen Entreprises an de Start-Upen profitéiert.

Wat d'Baisse vum IRC ugeet, sou fannen eenzelner, wéi d'Chambre de Commerce, dass dat **nach net duer geet**. Si proposéiert an hirem Avis zousätzlech carrément d'Ofschaffen vum Impôt sur la fortune a vun der Retenue à la source op den Dividenden. Ech hunn dat ausrechne gelooss : de Käschtepunkt vun deenen zwou Mesuren wär ronn eng Milliard Euro d'Joer.

Et muss een der Chambre de Commerce awer zegutt halen, dass si eng Rei Measure proposéiert, **fir dësen Ausfall ze kompenséieren**. Dozou gehéiert zum Beispill, ronn der Halschent vun de Leit, déi beim Staat schaffen, den 13te Mount ze sträichen, oder 165.000 Pensionéierten d'Allocation de fin d'année ze kierzen.

Dat ass net d'Politik vun dëser Regierung. Als Finanzminister acceptéieren ech net, déi eng géingt déi aner auszespillen, an d'Stéit méi ze belaaschten, fir d'Entreprises kënne ze entlaaschten. Ech wäert och an Zukunft dofir suergen, dass jiddereen säi faire Bäitrag leescht. A wann Entlaaschtungen kommen, dass déi och **gerecht verdeelt ginn** tëscht de Privatpersounen an den Entreprises.

b. Digitalisatioun

Ech hunn a menger Presentatioun am Mäerz, un Hand vu konkrete Beispiller gewisen, wéi dëse Budget den Accent op d'Digitaliséierung leet. Ech freeë mech dofir besonnesch, dass de Rapportier sou ee grouse Wäert op dee Sujet geluecht huet.

Ech deelen seng Analyse, dass **d'Digitaliséierung grad fir d'Finanzplaz grouse Changementer mat sech bréngt**. Meng rezent Missiounen an Israel, op San Francisco an an d'Silicon Valley hu mech awer ganz zouversiichtlech gestëmmt, dass **Lëtzebuerg um Gebitt vun der Fintech um richtege Wee ass, a souguer zu de Virreider an Europa gehéiert**.

Sou wéi d'Cofibu dat an hirem Rapport fret, wäert de Finanzministère dee Sujet och an den nächste Joeren vu ganz no begleeden, zesumme mam LHoFT (Luxembourg House of Financial Technology - dat sech als groussen, an international unerkannten, Succès erweisen huet) a mam Haut Comité pour la Place Financière,

De Rapport huet de grouse Mérite, ze weisen, viru wéi eng Erausforderungen d'Digitaliséierung **net nëmmen d'Finanzplaz, mä eis ganz Gesellschaft stellt**. E weist och, dass Lëtzebuerg déi Erausforderungen awer ganz proaktiv ugeet, an net nëmmen

d'Risiken, mä virun allem och d'Chance gesäit, a wouer hëllt. **De Budget stellt dofir déi néideg Weichen.**

c. Personalpolitik beim Staat

Zu enger kompetitiver Wirtschaft gehéiert och **eng performant Fonction publique**. Wann d'Populatioun vun engem Land wisst, muss och d'Fonction publique wuessen, fir de Leit am Land weider een uerdentleche Service ze bidden.

Wann et méi Kanner an de Schoule gëtt, brauch et zum Beispill och méi Léierpersonal. Wann et méi Awunner gëtt, brauch et och méi Polizisten. Ech sinn nach kengem Bierger begéingt, dee mer gesot hätt, mir bräichte Schoulen ouni Léierpersonal oder manner Polizisten op der Strooss.

Ech kéint iech och **d'Beispill nennen vu mengem eegene Ministère**, dem Finanzministère. Am Moment ginn zu Bréissel iwwer 20 Direktive verhandelt, déi een Afloss op d'Finanzplaz hunn. Wann een déi Dossieren uerdentlech suivéiere wëll, da muss een sech d'Moyenen, an d'Leit ginn, fir dat ze maachen. Dofir hunn ech iwwert déi läscht Legislaturperiod d'Effektiver vum Ministère ëm een Drëttel eropgesat (vun 54 op 72 Leit).

Trotzdem liesen ech a verschiddeenen Avisen, **dass d'Personalkäschte beim Staat zevill séier wuessen**. Ech wëll doropper äntweren, andeems ech d'Zuelen an hiere richtege Kontext setzen :

- D'Fonction publique zu Lëtzebuerg wüsst manner séier wéi d'Populatioun.
- Eis Fonction publique ass am Verglach mat där vun anere Länner relativ kleng. Zu Lëtzebuerg mécht d'Fonction publique 12% vum Total vun allen Aarbechtsplazen aus. An der Moyenne vun der OCDE sinn et 18%.
- Den europäeschen Verglach weist och, dass zu Lëtzebuerg d'Fonctionnementskäschte vum Staat („consommation intermédiaire“) zu deenen niddregsten an der EU gehéieren.

An awer fuerdert zum Beispill d'Chambre de Commerce, just d'Halschent vun deene Leit anzustellen, déi fir d'Joer virgesi sinn. Och hei weist méi eng genee Analyse, dass dat eng Idee ass, déi net gutt duerchduecht ass :

- **Ronn 2/3 vun den neie Posten sinn virgesinn fir den Enseignement an den Encadrement vu Kanner** am edukativen a psycho-soziale Beräich. Wann een op där falscher Plaz spuert, da muss een dat duerno deier bezuelen. De Budget vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend klëmmt 2019 fir d'éischte Kéier op iwwer 2,5 Milliarden EUR. Dat si gutt investéiert Suen. D'Kanner an déi Jugendlechen sinn d'Zukunft vun eisem Land. Si müssen uerdentlech encadréiert an ausgebilt ginn, an dofir muss de Staat déi néideg Leit astellen, fir dat ze maachen.

- **Just ronn 1/3 oder 325 Posten** sinn fir all déi aner Servicer vum Staat, also d'Police, d'Justiz, an déi 24 Ministèren mat hiren Administratiounen. Dat schéngt mer also eng ganz verstänneg Proportioun ze sinn.

3. Nohaltegkeet

a. Steierlech Mesuren

Wann ech déi verschidden Avisen liesen, da stellen ech fest :

Allgemeng guttgeheescht ginn :

- d'Aféieren vun dem super-reduzéierten Taux vun der **TVA vun 3% op allen digitalen Publikatiounen**. Dat ass eng Mesure, fir déi Lëtzebuerg op europäeschem Plang jorelaang agezoungen ass, a wou mer eis, zesumme mat aneren, elo endlech duerchsetze konnten.
- d'Aféieren vum reduzéierten Taux vun **8% fir biologesch phytosanitär Produiten**, am Sënn vun enger méi nohalteger Landwirtschaft.

Méi ëmstridden sinn, an den Avisen :

- **d'Hausse vun den Accisen op de Petrolsproduiten**, ëm 1 Cent de Liter um Benzin an 2 Cent de Liter um Diesel. Fir déi eng geet dat schonn ze wäit, fir anerer net wäit genuch. Mir schéngen also och do eng gesond Mëtt geroden ze hunn.

Virun allem ass et wichteg, **sech de Kontext virun Aen ze halen: de Klimawandel**. Erënnere mer eis un déi **dausende Jugendlech, déi virun e puer Wochen an der Stad manifestéiere waren fir de Klima**. Mir kënnen an d'äerfen d'Hänn net an de Schouss leeën. Des Regierung wäert dofir suergen, dass Lëtzebuerg seng Zieler an international Engagementer anhält. An jo, **dozou gehéiert eben och, de Verbrauch vun Pëtrolsproduiten net weider ze encouragéieren**.

Des Mesure ass dofir och ze kucken am Kontext vun all deenen anere Mesuren, déi d'Regierung geholl huet, fir de géingt ze Klimawandel unzegoen : Primen fir Elektroautoen, Opriichten vun Bornen, fir déi Autoen ze lueden, e besseren ëffentlechen Transport, an Investissementer an erneierbar Energien.

b. Héich Investissementer, virun allem an d'Infrastrukturen

D'Investissementer bleiwe weider op Rekordniveau. Dëst Joer leie si an absoluten Zuelen fir d'éischt iwwer 2,5 Milliarden. Iwwer déi ganz Period bis 2023 bleiwe se all Joer iwwer 4% vum PIB.

Do ass et dann éischer erstaunlech, ze liesen, dass Verschiddener der Meenung sinn, dass dat net ambitiéis genuch ass, well et just géif duergoen, fir de Retard opzehuelen (CHFEP) oder awer, dass nach méi misst investéiert ginn (CSL). Och d'Zentralbank ass der Meenung, dass nach méi misst investéiert ginn, virun allem an de Wunnensbau, an d'Infrastrukturen, an an de Klimaschutz.

Dat sinn **genee déi Beräicher, op déi d'Regierung elo schon ee besonneschen Accent leet:**

- De Budget vum **Wunnensbauministère** geet 2019 6,8% erop. Grouss Projeten sinn a Virbereedung.
- De Budget vum **Ministère fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten** klëmmt 2019 fir d'éischt Kéier an eiser Geschicht op iwwer 2 Milliarden EUR. D'Regierung investéiert, **fir d'Offer vum öffentlichen Transport ze verbessern, éi en d'nächst Joer gratis gött.**

- Wann een all d'**Investissementer am Beräich Ëmwelt an Klima** zesummen hält, da ginn déi tëscht 2018 an 2022 em iwwer 50% erop (vun 455 Milliounen EUR am Joer 2018 op 710 Milliounen EUR am Joer 2022). Ronn 20% vun allen Investissementer, déi de Staat 2019 mécht, sinn am Intérêt vum Ëmwelt- a Klimaschutz. Dës Proportioun wäert bis 2022 op bal ee Véierel eropgoen (23,3%).

Ech hu Verständnes, dass Verschiddener fuerderen, et misst nach méi gemaach ginn. Et muss een awer realistesch bleiwen. Als Finanzminister muss ech dofir suergen, den Equiliber ze halen tëscht de Recetten an den Dépensen. Et kann een net op där enger Säit méi niddereg Steieren an op där aner méi Investissementer fuerderen. Déi Rechnung geet net op.

Wou sti mer haut, wa mer de Budget am Ensemble kucken ?

III. D'Vue d'ensemble

A. D'Dépenses

Fir 2019 rechne mer mat **19,6 Milliarden Dépenses** an der Administration Centrale.

Eng Progressioun vun 5,8%.

Iwwert déi nächst Joren wäert dat awer **net an deem Rhythmus weidergoen**: am Joer 2020 klammen d'Dépenses ëm +4,7%, 2021 ëm 5,6% an dann 2022 nëmmen nach 3,3%.

Genee ëmgedrënt ass d'Tendenz bei den Recetten.

B. D'Recetten

Fir 2019 rechne mer mat **18,9 Milliarden EUR Recetten** an der Administration Centrale, eng liicht Hausse vun 1,6% par rapport zu 2018.

Fir déi aner Joren wäerten d'Recetten dann rëm méi staark klammen: am Joer 2020 ëm +5,6%, ëm 5,9% fir 2021, an ëm 5,5% am Joer 2022.

Firwat sinn d'Recetten fir 2019 also sou virsiichteg ugesat ?

An de Joren 2014, 2015 an 2016 hu mer **bei de Recetten all Kéiers eng Punktlandung** fäerdeg bruecht par rapport zu de Previsiounen vum Budget.

2017 an 2018 *par contre* hunn d'Recetten sech däitlech besser entwéckelt wéi virgesinn. Dat ass awer **keng nei Normalitéit**. Mir rechnen dofir fir 2019 mat Recetten, déi zwar ëmmer nach liicht iwwert dem Niveau vun 2018 leien, awer no 2017 an 2018 net nach eng Kéier, iwwer d'ganzt Joer gekuckt, massiv no uewe ginn.

Op Basis vun deenen éischten, **provisoreschen Zuelen, vum 1ten Trimester 2019**, kann ech iech awer elo scho soen, dass ech ganz zouversiichtlech sinn, dass mer d'Previsiounen vum Budget wahrscheinlech iwwertreffe wäerten.

C. De Solde

1. Administration centrale

D'Konsequenz vun deem, wat ech grat beschriwwen hunn, ass, dass **2019 d'Depense méi séier wuesse wéi d'Recetten**. De **Schéiereffekt**, dee jorelaang positiv war, dréit deemno dëst Joer an d'Negatiivt. Dat ass **awer just temporaire**, well bis 2022 wäerten d'Recetten erëm méi séier wuessen wéi d'Depensen.

Wann ech d'Recetten an d'Depensen géinteniwwer stellen, da kënt dobäi am Budget 2019 een **Defizit vun 650 Milliounen eraus**. Wann d'Recetten sech awer weider sou positiv entwéckelen, wéi dat am 1ten Trimester schéngt de Fall ze sinn, da wäert deen Defizit um Schluss vum Joer nach ee gutt Stéck méi niddereg leien.

Ech wëll drun erënneren, dass am Budget 2018 fir d'Administration Centrale mat engem Defizit vun -890 Mia gerechent gi war, a mer d'Joer mat engem Plus vun +121 Mio oder 0,2% vum PIB ofgeschloss hunn.

An de Joren no 2019 wäert den Defizit **weider progressiv erofgoen**, an 2022 leie mer da **erëm ganz no beim Equiliber**.

Et wär méiglech gewiescht, fir déi ganz Legislaturperiod, a besonnesch fir 2019, ee verschéinert Bild ze weisen, an een équilibréierten Budget ze presentéieren. **D'Regierung huet awer de Choix gemaach**, sech u **virsiichteg Projektionen** bei de Recetten ze halen, **d'Investissementer héich** ze halen, an och **am soziale Beräich weider Verbesserungen** ze bréngen.

2. Administration publique

Wéi der wësst, setzt sech d'Administration publique, de Gesamtstaat, zesummen aus **3 Deeler**:

- der Administration Centrale, iwwer déi ech elo am Detail geschwat hunn;
- den Administrations locales;
- an der Sécurité Sociale

An der Administration publique bleift de Solde **déi ganz Legislaturperiod iwwer positiv**.

Eurostat huet ausgerechent, dass **Lëtzebuerg 2018 deen héchsten Iwwerschoss an der ganzer EU hat**.

Dësen Iwwerschoss läit 2019 bei 632 Milliounen oder 1% vum PIB, a geet da progressiv erop bis op 1,6 Milliarden oder 2,2% vum PIB am Joer 2023.

Dëst ënnersträicht, dass eis Staatsfinanzen, an hirem Ensembel, méi wéi zolitt sinn.

D. D'Staatsschold

D'Staatsschold, sou wéi se am Budget pluriannuel an am PSC berechent gëtt, ass dat mechanesch Resultat vum Solde vun der Administration Centrale. Wann dee positiv ass, geet d'Staatsschold erof, wann en negativ ass, geet se erop. An anere Wieder: vu dass mer 2018 guer keen Defizit, mä een Iwwerschoss an der Administration Centrale haten, ass d'Schold haut och, anescht wéi virgesinn, - **och an absoluten Zuelen - net weider erop, mä erfogaang.**

Wéi ech als Finanzminister 2013 ugetruede sinn, louch d'Staatsschold bei 23,7% vum PIB.

- Enn 2018 louch se bei 21,4%. Dat ass deen 2t-niddregste Wäert an der EU.
- Enn 2019 wäert se bei 20,2% leien.
- Bis 2022 wäert d'Schold kontinuéierlech bis op 18,4% erfogaan.

Am Verglach mat eisem Räichtum, also mam PIB, geet d'Schold also weider **konsequent erof.**

Si läit och **ëmmer ënnert der Limite vun 30%**, déi d'Regierung sech an de Programm geschriwwen huet. An nach méi wäit ënnert der europäescher Limit vu 60%, wat notamment **vum Conseil d'Etat ausdrécklech begréisst gëtt.**

An Zäiten, wou **d'Zënsen historesch niddereg** sinn, a Lëtzebuerg duerch säin AAA excellent Konditiounen op de Mäert kritt, kann de Staat sech sou bëlleg refinanzéieren wéi scho laang net méi. 2019 wäert **d'Zënslaascht op de Scholden** nach eng Kéier ënnert dem Niveau vun 2018 leien.

Gläichzäiteg ass et **néideg, weider ze investéieren**, fir de Wuesstem ze begleeden. All Euro, dee mer elo géifen huelen fir Scholden zréckzebezuelen, géif eis feelen fir ze investéieren. Mir géifen also **kuerzfristeg net vill spueren, mä dofir laangfristeg nei Problemer schafen.**

Ronn d'Halschent vun deenen 11 Milliarden Schold, déi d'Regierung 2013 geierft huet, muss am Laf vun dëser Legislaturperiod refinanzéiert ginn. Ech soen der COFIBU Merci fir hir Suggestioun, an deem Kontext och iwver Gréng Obligatiounen nozedenken.

IV. De Respekt vun den Europäesche Kritären

Fir déi Europäesch Kritären ze respektéieren, muss ee Land dofir suergen, dass seng Finanzen laangfristeg zolitt sinn. Dat gëtt dorunner gemooss, dass de Solde structurel vum Budget iwwert dem Objektiv à Moyen Terme (OMT) läit.

- De Solde structurel ass een ekonomescht Konzept. Et geet drëm, dee Solde ze rechnen, andeems een d'Effekter vum konjunkturellen Zyklus an den exzeptionellen Evenementer erausrechent.
- Deen OMT gëtt **all 3 Joer festgeluecht**, an muss iwwert engem Minimum leien, deem d'europäesch Kommissioun virrechent.

Fir Lëtzebuerg läit den OMT säit 2017 bei -0,5%. Dësen Taux gëllt nach dëst Joer. Vun 2020 bis 2022 läit en dann bei +0,5%. Dëst entsprécht dem Minimum, **deem d'Kommissioun frësch ausgerechent huet, an deem vun der Regierung sou zrëckbehale gouf, an domatter och am Projet de loi iwwert de Budget pluriannuel steet.** Dësen OMT gëtt mam PSC och formell op Bréissel gemellt.

D'Regierung – sou wéi schonn déi viregt Regierungen och - huet sech et zum Prinzip gemaach, de Minimum vun der Kommissioun, wat den OMT ugeet, ze iwwerhuelen. D'Chambre de Commerce ass der Meenung, dass si hätt sollen doriwwer erausgoen, a **méi een héijen Objektiv fixéieren**. D'Chambre des Salariés op där aner Säit **regrettéiert de Passage** vun -0,5% op +0,5%. Mir leien also, alt erëm eng Kéier, an der Mëtt.

Tatsaach ass, dass de Solde structurel iwwer déi nächst Joren net nëmmen ëmmer iwwert dem OMT läit, mäi sech iwwer d'Zäit och nach progressiv verbessere wäert. Vun 0,9% am Joer 2019 op 2,2% am Joer 2023 ! Wéi schonn déi läscht Legislaturperiod **léisst d'Regierung sech ëmmer genuch Sputt** (eng “**Marge de Sécurité**”) fir sécherzestellen, dass Lëtzebuerg säin OMT, an domatter déi europäesch Kriterien zu all Moment, an ënner all Ëmstänn, erfëlle kann.

Souwuel de Conseil d'Etat wéi den CNFP confirméieren, dass Lëtzebuerg all europäesch Kriterien anhält. D'Regierung wäert dat och sou, Enn der Woch op Bréissel mellen, am Kader vum PSC.

D'Europäesch Kommissioun fir hiren Deel schreift an hirem Avis iwwert de Budgetsprojert : « le Luxembourg présente une situation budgétaire saine qui respecte le volet préventif du pacte de stabilité et de croissance et [la Commission] invite les autorités à exécuter le budget. »

Ech hunn deem net vill bäizefügen.

D'Kommissioun confirméiert dat, wat ech schonn am Mäerz hei gesot hunn.

D'Weichen si richteg gestallt.

Ech soen iech Merci.